KANTON RÉIDEN

# SAFARI AM WËLLE WESTEN

**20 kuerz a kannerfrëndlech Trëppeltier an de Gemenge vum Kanton Réiden & Mäerzeg mat Déiere-Quizzer**



# DËST BICHELCHE GEHÉIERT DEM

Virnumm & Numm:

..............................................................................

Mäin Alter: ............................................................


Meng Adress: .......................................................

..............................................................................

Mäi Liblingsdéier: ...............................................




# MÄI PORTRAIT, VU MIR GEMOOLT:


Naturpur
16
17
Pont Misère
14
Kuborn
13
Dellen
18
Rindschleiden
Wahl
11
3
Eschette
6
Folschette
Perlé
15
9
Reimberg
Roodt-les-Ell
20
Nagem
8
7
Colpach-Bas
Attert
Dir fannt all d'Tier um Geoportail ënnert dem Link: http://g-o.lu/3/Z3v1
Hei kënnt Dir och d'GPX-Dateien eroflueden.
Beckerich
4
1
Schweich
Ehner
10
2

# SAFARI AM WËLLE WESTEN

| | | |
|---|---|---|
| 1 | Biekerich / Beckerich | 5,1 km |
| 2 | Éiner / Ehner | 3,2 km |
| 3 | Éischt / Eschette | 4,2 km |
| 4 | Säll / Saeul | 5,5 km |
| 5 | Useldeng / Useldange | 3,0 km |
| 6 | Foulscht / Folschette | 4,3 km |
| 7 | Koulbich / Colpach | 2,6 km |
| 8 | Rued / Roodt | 2,9 km |
| 9 | Rëmmereg / Reimberg | 5,2 km |
| 10 | Schweech / Schweich | 5,1 km |
| 11 | Wal / Wahl | 3,6 km |
| 12 | Mäerzeg / Mertzig | 3,9 km |
| 13 | Dellen | 4,3 km |
| 14 | Kéiber/ Kuborn | 5,5 km |
| 15 | Pärel / Perlé | 3,7 km |
| 16 | Misärsbréck / Pont Misère | 3,8 km |
| 17 | Naturpur | 7,0 km |
| 18 | Randschelt / Rindschleiden | 1,5 km |
| 19 | Viichten / Vichten | 3,6 km |
| 20 | Nojem / Nagem | 3,4 km |



# SAFARI-REEGELEN

1. Ech si Gaascht am Bësch dofir huelen ech Récksiicht op d'Déieren an d'Planzen a bleiwen op de Weeër fir se nitt ze stéieren.

2. Ech si kee Spillverdierwer, loossen d'Hiweiser (Placken) op hirer Plaz an huelen och keng mat.

3. Ech si schlau a maache kee Kaméidi op enger Safari. Da kann ech villäicht Déieren erblécksen.

4. Ech geheie kee Knascht an de Bësch, och keen Toilettëpabeier oder Nuesschnappecher.

5. Wann ech op Feldweeër ënnerwee sinn, respektéieren ech di aner Notzer (Trakteren, Vëlosfuerer,...).

6. Ech si frëndlech mat all aner Persoun an Déier, déi ech ënnerwee begéinen.

# ERKLÄRUNGEN ZU DEN ZEECHEN OP DE KAARTEN

liicht

ulala...scho bëssi méi schwéier

**wow!** Dat ass richteg ustrengend

Versteck mat Hiweis

Erklärungen zum Wee

Richtung vun der Safari

Start & Enn vun der Safari

Kuckenswäert

Rollstull- / Kutschegerecht

# LÉIF ELTEREN

Zesumme mat Äre Kanner entdeckt Dir déi schéinsten Tréppelweeër aus eiser Regioun a gitt villes iwwert eis Mamendéiere gewuer. Esou hoffe mir d'Kanner vu klengem u fir Natur an Ëmweltschutz ze begeeschteren. Déi meescht Tier sinn **nitt ausgeschëldert**, dofir braucht Dir dës Broschür an déi eenzel kannerfrëndlech Kaarte mat Instruktiounen, déi Dir via **klima.lu/safari** eroflueden a printe kënnt.

Am Facebook-Grupp „Safari am Wëlle Westen" si reegelméisseg Informatiounen iwwer Ännerungen, Upassungen a News, respektiv kënnt Dir eis do och ganz gäre matdeelen, wann ënnerwee eppes nitt klappt oder futti gaangen ass. Weder de Propriétaire vum Terrain iwwert deen Dir tréppelt, nach d'Gemengen oder de Syndikat vum Kanton Réiden sinn haftbar am Fall wou Iech ënnerwee eppes zoustéisst. Dir gitt op Är eege Verantwortung. Verschidden Tier ginn och duerch privat Bëscher. Hei ass et ëm sou méi wichteg, dass Dir ëmmer op de Weeër oder Bëschpade bleift an näischt hannerloosst. Mir soen Iech villmools Merci, dass Dir dëst respektéiert.

## TIPP

Fir all Safari-Mamendéier ass op **klima.lu/safari** eng Déieren-Infokaart (Administration de la Nature et des Forêts). Dës hëllefen de Kanner d'Hiweiser besser ze verstoen an esou d'Déiere besser ze fannen.

Mir wënschen Iech wonnerbar Momenter mat Äre Kanner an der schéiner Natur vun eisem Wëlle Westen.

# HALLO DU SAFARI-ABENTEUERER!

## DU GEES MAT OP SAFARI ? MEGA !!!


Hei e puer Tipps fir gutt virbereet ze sinn: Op all Tour verstoppt sech ee wëllt Déier. Awer wéi eent??? Dat muss Du erausfannen! Deng Aufgab ass et fir der Kaart nozegoen a verstoppten Hiweiser ze fannen, déi op 4 Placken gemoolt sinn. Dës Hiweiser muss Du ALL an Däi Bichelchen ofmolen an um Enn de Numm vun dem „Mamendéier“ opschreiwen. Puuuh...Traus Du Dir dat zou? Ma da lass. Fir all dës grouss Abenteuer ze meeschteren, brauchs Du:



- dëst Bichelchen
- déi passend Wee-Instruktiounen (klima.lu/safari)
- ee Bläistëft
- fest Schong
- ee Sonnenhutt
- eng Waasserfläsch
- eng laang Box géint Bëschzecken a Brennnesselen
- schaarf Aen
- a zolidd Muckien an de Been!

Nëmme wien 15 Tier packt, ass offiziellen an diploméierten Survivor vun der Safari am Wëlle Westen! Du muss déi ausgefëllte läscht Säit vum Bichelche verschécken un:

Tourist Info Atert-Wark 1, Millenhaff L-8706 Useldeng
Den Diplom kriss Du heemgeschéckt. A lass! Vill Gléck...a Courage. Du packs dat!



BIEKERICH
HOVELANGE
START




Parking vun der Biekericher Millen
105, Huewelerstrooss 8521 Beckerich

250 / 510 Arrêt: Beckerich
Fräiheetsbam (méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 5,1 km, 170 m erop


Schwieregkeetsgrad

nee

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/biekerech


Milleweier (1), Geméisgaart Vun der Atert (2), Kuelemeiler (3), Bëschhaischen (4), Picknick-Plaz (5), Kuelebierg Kapell (6)

# WËLLKOMM ZU BIEKERICH!

Alles paletti? Haut klamme mir op 2  erop.

Um leschte steet eng ganz al Kapell, fréier och wärend honnerte vu Joer eng Pilgerplaz fir Peschtkranker mat Hoffnung op eng magesch Heelung. Mir ginn haut awer net pilgeren, mee op  ! Hues du virdru gutt , well bei 2 Bierger brauchs Du  ! Denk drun, d'Versteck ass 

dowéinst lee w.e.g den Hiweis rëm zréck, nodeems Du d'Element ofgemoolt hues. Dëst ass **ganz-ganz-ganz-ganz** 

soss  déi, déi no Dir kommen. Merci villmools fir Deng Hëllef! Du bass immens!



# VERSTECKER




1

Ech wunnen
an enger
Kraiderspiral!

2

Beim
Bëschhaischen
verstoppen
ech mech beim
Fouss vun engem
gekäppte Bam.





3

Ier et bei der
Poubelle erof geet,
kuck no lénks a
fann mech beim
Weekräiz!



4

Am Schutz vun
der Kierch sinn ech
sécher a waarden
op d'Pilger.

1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER BIEKERICHER SAFARI:

.................................................................



ÉINER
START
SAEUL
KRÄIZERBUCH (N8)



# 2 ÉINER

Häwee 8529 Ehner, am Ausgang vun Éiner Richtung Kräizerbuch. W.e.g an d'Encoche laanscht d'Strooss parken

272, 437  Arrêt: Ehner Kapell
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 3,2 km, 41 m erop

Schwieregkeetsgrad

Jo, awer mat engem kuerze Passage op engem schmuelen a géie Bëschpad

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/einer

Wonnerschéinen Dall vun der Waasserbaach (1), Quellen, prächteg Vuen (2) an am Summer vill Schwaarzbieren, yummy (3)!

# WËLLKOMM ZU ÉINER!

Haut geet eis Safari laanscht eng  mam ganz originellen Numm WAASSERBAACH, déi ee wonnerschéinen Dall geformt huet. Am , dee mir haut entdecken, ginn et vill Quellen, déi benotzt gi fir . De Buedem besteet hei aus , dee Steen ass nämlech  fir  ze späicheren. Wéi ëmmer ass d'Versteck 

dowéinst verstopp den Hiweis w.e.g. rëm **genau op di selwecht Plaz** zréck, nodeems du d'Geheimnis ofgemoolt hues. Merci villmools fir deng Hëllef  a vill Freed op denger Safari!

# VERSTECKER

1

Ech verstoppe mech bei engem Bam mat Wuerzele wéi Spannebeen.





2

Meng Vue: ee Bëtongssockel mat engem metallene Rouer – hei gëtt de Grondwaasserspi-gel gemooss!

Kuck no zwee Bam-Hockeren, ech sinn net wäit dervu wech!





D'Haus vun der Kazebuer-Quell ass mäin Noper!

1

2


MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER ÉINER SAFARI:

..................................................................


9
8
2
2
3
10
11
3
12
4
13
15
14
16
7
6
START
ESCHETTE
1
1
2
5
1
4
3



# 3 ÉISCHT

Parking bei der Kiirch zu Éischt,
1 rue principale 8817 Eschette

515 Arrêt Eschette Duerf
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 4,2 km, 94 m erop

Schwieregkeetsgrad

nee

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/eischt

Mini-Duerf Éischt (1), coole Wee (2), geheimnisvoll Ruin vun der Schuerelser Fléibuerg (3)

# WËLLKOMM ZU ÉISCHT!


Haut waart dat geheimnisvollt Schuerelser Schlass op dech!

Viru laaaaaanger Zäit (ëm 1300) hunn sech d'  vun Useldeng

op dës Fléibuerg gerett wann si vu  ugegraff goufen.

Enger Seechen no soll sech an der Ruin vum Schuerelser

Schlass ee grousse  befannen. Dëse soll esou

 sinn, dass  eleng dësen net .

Vill Leit hu scho Jore laang no dësem gesicht, mee bis elo

gouf e nach net fonnt. Vläicht fënns du e? Bonne Chance!

Wéi ëmmer ass d'Versteck 

dowéinst

verstopp d'Hiweiser w.e.g. rëm **genau op di selwecht Plaz**

zréck, nodeems du d'Geheimnisser ofgemoolt hues.

Merci villmools fir deng Hëllef a vill Freed op denger Safari!

# VERSTECKER



1

Ech hu mech bei enger Bam-Mamma mat hire 4 Kanner verstoppt nët wäit ewech vun enger Bänk.



2

Kuerz nodeems de an de Bësch getruede bass, sich no engem Bam mat dëse komesche Fousstrëtter (vum Yeti?) op senger Schuel.

3

Mech fënns de hannert der Bänk, wou ech dës herrlech Vue genéissen.





4

Ech wunnen am lénken Eck vum Schuerelser Schlass.

1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER ÉISCHTER SAFARI:

.....................................................................................



SAEUL
Rue Principale
Um Képp
Um Sand
Route d'Arlon
Um Bour
Grengewee
RAICHLANGE
START
Rue Principale
1
CALMUS
Sëllerstrooss
1
2
3
2
4
CALMUS
Haaptstrooss



# 4 SËLLER CROSS TRACK

Parking beim Wäschbuer an der Entrée vu Sëll (Räicheler Säit) tëschent 33 a 35, rue principale 7470 Saeul

265, 267, 272,437, 595
(Arrêt: Saeul Gemeng)

Distanz: 5,5 km, 120 m erop

Schwieregkeetsgrad

nee

Kaart zum Wee:
klima.lu/safari/sell



ëmmer dem Zeeche vum CROSS TRACK nogoen

Déck Eesch beim Start (1), schéi Vuen, Bëschkierfecht (2)

# WËLLKOMM ZU SËLL!

Beim Start kanns du engem vun de gréissten  Beem aus eisem  Moie soen, si steet op der  hannert dem Weier. Dëse  war een Teenager wéi de  gebuer gouf! En huet also scho villes  ! Haut klëmms du op den Ditze-  erop. Dowéinst denk drun, däi kräftegst puer  anzepaken, net dat Puer aus   . Wéi ëmmer ass d'Versteck 

dowéinst verstopp all d'Hiweiser w.e.g. rëm **genau op di selwecht Plaz** zréck, nodeems du d'Geheimnis an däi Bichelchen ofgemoolt hues. Merci villmools fir däi Matmaachen a vill Freed op denger Safari!

# VERSTECKER



1

Den Ditzebierg kéint och „Waasserbierg“ heeschen. Ech wunnen am rietsen Eck vum neie Waasserbasseng vun der Gemeng Säll an d’Steng si meng Noperen.



2

Ech verstoppe mech bei enger oppener Quell, net wäit ewech vun engem Potto aus Holz.



3

Sich mech beim Bëschkierfecht. Net wäit ewech vum Panno hunn ech mir et gemittlech gemaach a ginn nëmmen heiansdo vu Geeschter a Safari-Abenteurer aus mengem Schlof gerappt.



4

Meng Adress ass beim Kifer-Bam!

1

2


MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER SËLLER SAFARI:

.......................................................................



START
USELDANGE
1
2
3
4
5
6
7
8
9

# 5 USELDINGER HIESEL



Enn vun der Strooss,
An Hiesel 8707 Useldange

445, 510, 515, 582 Arrêt Useldange
Raiffeisekeess (méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 3,0 km, 67 m erop

Schwieregkeetsgrad

nee

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/useldeng

Hieselbësch mat der Griselgrondbaach (1)

# WËLLKOMM ZU USELDING!

Am Hieselbësch huet virun 140 Joer bestëmmt schonn d'Emma Wolff gespillt. D'Emma koum aus enger aarmer Useldenger Famill an huet esou gären hier  bewonnert. Si ass mat 18 Joer an  ausgewandert op der Sich no engem bessere Liewen. Si ass ganz  ginn an ass zréckkomm fir  ze kafen. D'Villa mam  um Tiermchen huet d'Emma 1934 bannen an der Buerg baue gelooss. Hei gouf et di 1.  vun Useldeng! Wéi ëmmer ass d'Versteck 

dowéinst verstopp d'Hiweiser w.e.g. rëm **genau op di selwecht Plaz** zréck.Merci villmools fir däi Matmaachen a vill Freed op denger Safari!

# VERSTECKER



1

Mäi Beschützer ass ee Bam mat engem blo-wäissen Autopedester Zeechen.




2

Sich no engem Drillingsbam!

3

Ech sinn net
wäit ewech vum
Bam mat zwou
Indianersträifen.





4

Ech wunnen an der Noperschaft vun
engem ëmgehaene Bam an engem
Chrëschtbeemchen!

1

2


MOL D'HIWEISER HEI HIN.


3

4

DÉIER VUN DER USELDINGER SAFARI:

.....................................................


FOLSCHETTE
START



# 6 FOULSCHT

Centre Culturel Foulscht,
40, rue principale 8834 Folschette

258, 595, 620, 624 Arrêt: Folschette
Centre Culturel (méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 4,3 km, 117 m erop

Schwieregkeetsgrad

nee

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/foulscht


Grott (1), Trapen (2), Hecken-Tunnel (3)
Laang Box undoe wéinst eventuell
zougewuesse Weeër.  Rutscheg bei Reen.


# WËLLKOMM ZU FOULSCHT!

Op dëser Safari trëppels du op ale ,


déi bestëmmt vill Geschichte kéinten erzielen.

Ganz interessant ass och d'Geschicht vun der  „Mausen". Dës ass mat den  vu nëmmen 2 Persoune gebaut ginn, als 


dass hiert Duerf Foulscht am 2. Weltkrich net vum  senger Arméi zerstéiert gouf.

Genéiss d'Rou ënnerwee a maach deng , deng  an däin  grouss op, dass de näischt vun dëser wonnerschéiner Safari verpasst!

# VERSTECKER



1

Mech fënns de bei engem ale Bamstamm laanscht dem Wee.



2

Pass op, iers de d'Trapen erof gees, kuck gutt!

3

Meng Adress:
vis-à-vis vun der
Bréck.





4

Ee Bam wéi
ee Potti, ier et
raus aus dem
Bësch geet!

1

2


MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER FOULSCHTER SAFARI:

.............................................


START
1
18
2
3
4
5
7
8
6
9
10
11
12
13
14
15
16
17
COLPACH-BAS



# 7 KOULBICHER PARCOURS SANTÉ

Parking vum Centre de Réhabilitation vum Roude Kräiz (Uewerkoulbicherstrooss 8526 Colpach-Bas). Parkt Iech w.e.g. sou no wéi méiglech bei d'Infotafelen direkt an der Entrée.

520, 590 Arrêt: Colpach-Bas, Schlass (méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 2,6 km, 41 m erop

Schwieregkeetsgrad

ofgesi vun enger Bréck mat Trapen, jo...

Kaart & Erklärungen zum Wee: klima.lu/safari/koulbich



ëmmer dem Zeeche vum Parcours Santé nogoen.

herrleche Park mat vill verschiddenen ale Beem (1), klenge Séi (2), Fitness-Parcours

# WËLLKOMM ZU KOULBICH!

Haut léiers du de bekannte Koulbicher Park nieft dem  kennen, wou d'Mayrisch 

an den 

di lescht Besëtzer woren, iert si de Site dem  geschenkt hunn. Di 2 sinn och am  begruewen. Du hues och nach d'Geleeënheet ënnerwee deng  ze testen an de neie  vu Lëtzebuerg ze ginn. Wéi ëmmer ass d'Versteck 

dowéinst verstopp den Hiweis w.e.g. rëm **genau op di selwecht Plaz** zréck, nodeems du d'Geheimnis ofgemoolt hues. Merci villmools fir däi Fairplay a vill Freed op denger Safari!

# VERSTECKER



1

Ech verstoppe mech
bei engem Bam
mat engem Bracelet
an der Schuel vum
Stamm.



2

Sich no engem Bam,
deen ausgesäit
wéi wann e willt an
d'Waasser sprangen!



3

Hues du de klenge Kanal fonnt, da sinn ech net wäit ewech.



4

Ech gesinn dech, wanns du deng Armmuskelen trainéiers.

1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER KOULBICHER SAFARI:

.........................................................................

# ROODT



# 8 RIEDER MULCHPAD



Parking vum Mulchpad CR303 8557 Roodt/Ell.
D'Entrée bei de Parking ass nieft dem Waasserbehälter.

592 Arrêt: Roodt/Redange, Schoul
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 3,0 km, 49 m erop

Schwieregkeetsgrad

eventuell mat gudde Rieder

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/rued

Vill flott Statiounen ënnerwee

# WËLLKOMM ZU RUED!

Haut  mir de Mulchpad am Oenneschte 

Ënnerwee ginn et vill ganz grouss . Dës sinn zwar

net , mee wanns du se , da gesäis du

esou aus: . De Wee vun haut ass net ze 

,

dowéinst looss dir genuch  fir ze  .

Wéi ëmmer ass d'Versteck 

, dowéinst

verstopp den Hiweis w.e.g. rëm **genau op déi selwecht Plaz**

zréck, nodeems du d'Element ofgemoolt hues. Dëst ass

**ganz-ganz-ganz-ganz-ganz** 

, soss sinn déi

Kanner, déi no dir komme ganz . Merci villmools fir

deng Hëllef  a vill Freed op denger Safari!

# VERSTECKER



1

Ech wunne
bei engem
Hochsitz.



2

Ech hunn
Häerzer
esou gären.



3

Bei dësem Zwillings-Bam, dee vun enger Stee-Pyramid bewaacht gëtt, hunn ech mäin Doheem fonnt.



4

Kuck net ze wäit an d’Natur.

1

2


MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER RUEDER SAFARI:

..................................................


START
1
2
3
4
REIMBERG



# 9 RËMMEREGER 7-BRÉCKE WEE

Rochuskapell, 54 rue St. Rochus
8614 Reimberg

592 Arrêt: Reimberg
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 5,4 km, 96 m erop dem
Autopedester-Zeeche nogoen

Schwieregkeetsgrad

nee



Kaart zum Wee:
klima.lu/safari/remmereg



ëmmer dem Autopédester – Zeeche nogoen

Rochuskapell (1), Bëschkierfecht (2),
vill Brécken (3), Schankegriecht (4)

# WËLLKOMM ZU RËMMEREG!

D'Schong  ? lert et lass geet, kanns du nach dem hellege Rochus, dem Schutzpatréiner vun de  an der Kapell Moie soe goen. Haut dauchs du an de Bësch vum  (Schankemännchen) an, dee wunnt an der Schankegriecht, der  wous du haut derduerch tréppels. Dëst ass eng  Gestalt, déi an der  bei Niwwel duerch d'Bëscher geeschtert. De Schankemännche mécht ganz haart Geräischer, déi engem duerch  ginn. Wéi ëmmer ass d'Versteck 

, dowéinst verstopp den Hiweis w.e.g. rëm **genau op déi selwecht Plaz** zréck, nodeems du d'Element ofgemoolt hues.

Merci villmools fir deng Hëllef a vill Freed op denger Safari!

# VERSTECKER



1

Sich no engem Bam mat Lianen, net wäit vun enger Bréck!



2

Wanns du eng Wuerzel matzen am Wee gesäis, géi no lénks. Kuck hannert dësen 2 Beem, déi sech immens gären hunn.



3

Wanns du
de Bam mam
Autopedester-
Zeeche fonnt
hues, check beim
Nopesch-Bam!



4

Géi hannert
der Bänk an
de Bësch eran.
Ech kucken op
d'Vullenhaus.

1

2


MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER RËMMEREGER SAFARI:

.....................................................................



SCHWEICH
START
1
2
3
28
4
4
27
5
1
26
25
6
7
2
8
9
10
11
12
13
14
15
16
17
18
19
20
21
22
3
23
24



# 10 SCHWEECH

Kapellebierg 8562 Schweich: bei der Kapell riets halen an no 250 m kommt dir op ee klenge Parking am Bësch (v-à-v vun enger Jeeërhütt). W.E.G. do parken an NET weiderfueren.

250 Arrêt: Schweich Peiffer (méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 5,2 km, 105 m erop

Schwieregkeetsgrad

eventuell mat gudde Kutsche-Rieder

Kaart & Erklärungen zum Wee: klima.lu/safari/schweech

Schéi Vuen, Quellegebitt

# WËLLKOMM ZU SCHWEECH!

Hues du däi  schonn ugemaach oder  du nach? Soss gëtt et elo héich  ! A maach deng  op a spëtz deng  ! Soss gëtt dat haut näischt mat enger 

Safari! Wéi ëmmer ass d’Versteck 

, dowéinst verstopp den Hiweis w.e.g. rëm **genau op déi selwecht Plaz** zréck, nodeems du d’Element ofgemolt hues. Dëst ass **ganz-ganz-ganz-ganz-ganz** 

, soss bass du leider ee Spillverdierwer.

# VERSTECKER



1

Ech verstoppe mech bei enger Picknick-Plaz.



2

Ech leeschten dësem ale Potto Gesellschaft



3

Am Gesträpp,
do ass mäin
Doheem.



4

Kuck no en-
gem Bam mam
Autopedes-
ter-Zeechen,
ech sinn net
wäit dervun!

1

2


MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER SCHWEECHER SAFARI:

.................................................................


START
WAHL
1
2
12
3
11
4
5
7
6
8
9
10
1
2
3
4
1



# 11 WAL

Parking virum Haus
2, Bousserwee 8838 Wahl

525 Arrêt: Wahl Kinnikshaff
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 3,6 km, 64 m erop


Schwieregkeetsgrad

mat gudde Rieder a Kraaft an den Äerm

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/wal

geheimnisvolle Weier matzen am Bësch

# WËLLKOMM ZU WAL!

Haut bréngt dech d'Safari bei ee ganz gutt verstoppte  matzen am . Hoffentlech sinn di wëll Déieren um RDV fir dir Moien ze soen. Vläicht  du de  vu Wal am Weier...  Beim Weier kanns du flott  a bëssi mam  poteren, wann e grad op Besuch ass.

Wéi ëmmer, sief w.e.g. kee Spillverdierwer a verstopp alles rëm esou zréck, wéis du et fonnt hues. Nëmmen esou mécht d'Safari fir all Mënsch Spaass. Grousse Merci fir däi Fairplay!

# VERSTECKER



1

Kuck um Fouss vum grousse Bam, ier de Wee op der Kräizung no lénks geet.



2

Et gefällt mir gutt am Bauch vum Bam.



3

Kuck vis-à-vis vum
klenge Schëldchen,
bei enger Wuerzel.




4

Ech halen engem
Hochsitz, dee
schwaachgefall
ass, Gesellschaft.

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

DÉIER VUN DER WALER SAFARI:

.....................................................


MERTZIG
START
1
2
3
4



# 12 MÄERZEGER THEMEWEE

Parking vum Mäerzeger Themewee v-à-v vun 3, rue de Michelbouch 9170 Mertzig

267, 295, 520, Arrêt: Mertzig Gemeng (méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 3,9 km, 77 m erop

Schwieregkeetsgrad

jo, deelweis (cf. Infotafel beim Start)

Kaart zum Wee: klima.lu/safari/maerzeg




ëmmer dësem Mäerzeger Zeeche nogoen


ganz vill interessant Statiounen iwwert d’Geschicht an d’Geologie vu Mäerzeg, flott Spillplazen

# WËLLKOMM ZU MÄERZEG!

Haut steet e bëssi eng aner Aart vu Safari um  .

Mir ginn haut vill gewuer iwwert  aus dëser 

Géigend. Awer net nëmmen dat, och iwwer

a  a  . Du gëss also ganz


 op dëser Safari.

Denk drun, d'Versteck ass 

dowéinst lee

w.e.g den Hiweis rëm zréck, nodeems du d'Element ofge-

moolt hues. Dëst ass **ganz-ganz-ganz-ganz** 


soss  déi, déi no dir kommen. Merci villmools fir

deng Hëllef! Du bass immens! 

# VERSTECKER



1

Och ech hu Pes-
tiziden net gär,
dowéinst gefält
mir dës Plaz esou
gutt.

2

Hei am
Gebüsch, am
Schiet vum
Schëld, hunn
ech mech
verstoppt.



3

Maach
deng Ae
grouss op,
da fënns
de mech!





4

Gutt getarnt,
gell?

1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER MÄERZEGER SAFARI:

..................................................................


START



# 13 DELLEN

Parking bei der Schoul, 3,
rue du Lavoir 9144 Dellen

522, Arrêt Dellen Am Duerf
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 4,3 km, 114 m erop

Schwieregkeetsgrad

mat gudde Rieder

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/dellen

wéi an der Schwäiz, géi Däller,
Turelbaach, wäit Vuen

# WËLLKOMM ZU DELLEN!

D'Safari vun haut bitt:  an eng .

A plazeweis mengt een et wier een an der 

Dellen ass net mat  ze verwiesselen.

Iers de lass marschéiers, kuck kuerz ob's du net nach deng

 unhues.

Wéi ëmmer ass d'Versteck 

,

dowéinst verstopp den Hiweis w.e.g. rëm **genau op déi selwecht Plaz** zréck, nodeems du d'Element ofgemoolt hues. Dëst ass **ganz-ganz-ganz-ganz-ganz** 


soss ass dës Safari  .

# VERSTECKER



1

Hei hunn ech eng schéi Plaz am Schiet fonnt!



2

Bei mengem Verstopp hues du dës herrlech Vue!



3

Check no dësen 2 Beem, déi sech ganz vill gären hunn.

4

A nach esou eng wäit Vue. Nodeems de mech fonnt hues, genéiss d'Vue.



1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER DELLENER SAFARI:

.................................................................



START
KUBORN



# 14 KÉIBER

Parking bei der Kierch vu Kéiber
16, rue Théodor Welbes 8822 Kuborn

522, 525 Arrêt Kuborn
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 5,5 km, 152 m erop

Schwieregkeetsgrad

nee

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/keiber

Waassersënneswee mat interessante Statiounen laanscht d'Dierbech Baach (2), Höl Déck Lay (1), schéi Vuen (3)

# WËLLKOMM ZU KÉIBER!

Du befënns Dech an där Uertschaft am Wëlle Westen, déi am noosten vum  ass! Hoffentlech gesäis du net schonn esou aus: 

Ganz spannend haut ass de Waassersënneswee, op dee mir ënnen am Dall stoussen. Do gëss de alles iwwer  gewuer.

Denk drun, d'Versteck ass 

dowéinst lee w.e.g den Hiweis rëm zréck, nodeems du d'Element ofgemoolt hues. Dëst ass **ganz-ganz-ganz-ganz** 

soss  déi, déi no dir kommen. Merci villmools fir deng Hëllef! Du bass immens!



# VERSTECKER



1

An enger klenger Grott hunn ech mir mäin Doheem gemaach.



2

Ech kucken op eng kleng Bréck.



3

Ier et no lénks eropgeet, kuck am Gebüsch lénks.



4

Bei engem Zwillingsbam um Rand vum Bësch genéissen ech de Schied.

1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER KÉIBER SAFARI:

.......................................................................



PERLÉ
START



# 15 PÄREL

Parking virum Haus
26, rue des champs 8826 Perlé

530, 590 Arrêt: Perlé Schoul
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 3,7 km, 95 m erop

Schwieregkeetsgrad

nee

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/paerel

geheimnisvoll, verloosse, wonnerschéi Weeër, de rouegen Dall vun der Kakebaach

OPGEPASST: Di éischt Hallschent vum Wee ass deels méi wëll a plazewéis bëssi zougewuess. De Wee sollt awer nach ëmmer z'erkënne sinn. Fir Zecken- a Brennnesselsbëss ze vermeiden, dot w.e.g. fest Schong an eng laang Box un.


# WËLLKOMM ZU PÄREL!

Dësen ale, geheimnisvolle Tuer ass eng richteg  .

Et kënnt een sech vir wéi am Joer 

.

Du wäers ganz al  an Huelweeër entdecken.

Vläicht begéins du engem  deen sech an dësem verloossenen Dall verluer huet.

Bleif w.e.g. op de Weeër sou gutt et geet, fir dass dësen Dall och weiderhin esou schéi bleift. Merci villmools! Wéi ëmmer ass d'Versteck 

dowéinst lee w.e.g den Hiweis rëm zréck, nodeems du d'Element ofgemoolt hues.

Dëst ass **ganz-ganz-ganz-ganz** 

soss  déi, déi no Dir kommen. Merci villmools fir Deng Hëllef! Du bass immens!



# VERSTECKER



1

Ech hu mech bei enger grousser Bam-Famill agenist.

2

Sich nom Bam mam MTB-Marquage, da sinn ech net wäit ewech.





3

Dës al Wuerzel huet mir et ugedoen, hei fënns du mech!



4

Ee Bam bei enger Bänk. An ech sinn net wäit dervun!

1

2


MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER PÄRELER SAFARI:

.................................................................



START
1
2
3
4
5
6
7
8
9
10
11
12
13
14
15
16
17
18



# 16 MISÄRSBRÉCK

Grousse Parking Misärbréck (Säit Ueschdrëf)
rue Misärshaff 8808 Arsdorf

690 Arrêt: Parking ARSDORF Misärsbréck
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 3,8 km, 111 m erop

Schwieregkeetsgrad

nee


Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/misaer


ganz ofwiesslungsräich Safari,
deels um klengen Naturpur – Tour.
Wee laanscht de Stau (1),
schéi Vue (2).



# WËLLKOMM OP DER SAUER!

Op dëser Safari kriss du alles gebueden: et geet

laanscht de , et geet biergop

duerch  an  , duerch

 wous du kanns mat  chatten.

Huel dir genuch  a genéiss et!

Denk w.e.g. un déi, déi no dir kommen a verstopp dowéinst

all Hiweis rëm op **genau déi selwecht Plaz** zréck, wous du se

fonnt hues. Villmools Merci fir däi Respekt a Matmaachen !

# VERSTECKER



1

Sich no engem Bam, dee sech an de Fiels verléift huet.



2

Ech verstop-pe mech hannert der Bänk nieft der Bréck.



**3**

Ech kucken op ee Bam mat engem rout-wäissen Zeechen mat IVV drop.



**4**

Ënnert dem Nolebam ass et gutt frësch a mëll.

1

2


# MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER MISÄRSBRÉCK-SAFARI:

.........................................................................................




Beschëlderung: ëmmer dem grénge Schëld vum Naturpur nogoen. Bei kritesche Plazen, kënnt Dir am Kaarten-Dokument nokucken. Beim Startpunkt um Parking kënnt Dir lech déi immens interessant Broschür iwwert de Naturpur Tour mathuelen. Et gëtt och eng App vun dësem Wee, déi Dir gratis kënnt eroflueden.
OPGEPASST! Dëse Wee ass ustrengend an op verschidde Plazen exposéiert. W.e.g nëmme goen, wann Dir trëttsécher a fit genuch sidd.



# 17 NATURPUR

Grousse Parking Misärbréck (Säit Ueschdrëf) rue Misärshaff 8808 Arsdorf

690 Arrêt: Parking ARSDORF Misärsbréck (méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 7,0 km, 213 m erop

Schwieregkeetsgrad


nee

Kaart & Erklärungen zum Wee: klima.lu/safari/naturpur

ganz schéin Aussiichten op de Séi, Naturschutzgebitt, interaktive Circuit mat villen Informatiounen



# WËLLKOMM UM NATURPUR!



Dësen Tour ass fir ganz zum 

ze maachen,

wanns du no all de ville Safarien  bass. Wëll dës

Safari ass richteg  , besonnesch wann 

D'Ustrengung lount sech awer: super  ,

vill  a mega schéi  .

No der Safari,  Du bestëmmt gutt!

Wéi ëmmer ass d'Versteck 

, dowéinst


verstopp den Hiweis w.e.g. rëm **genau op déi selwecht Plaz**

zréck, nodeems du d'Element ofgemoolt hues. Dëst ass

**ganz-ganz-ganz-ganz-ganz** 

. Grousse Merci

# VERSTECKER



1

Géi dir d'Statioun 4 ukucken. Ech waarde bei menge Schiferfrënn op däi Besuch.



2

Ech verstoppe mech bei dësem Aussiichtspunkt!

3

Sich bei
der Bréck!





4

Bei der Bréck,
géi riicht aus an
de Steebroch
vun der Millen.
Do sinn ech
bei menges
Gläiches!

1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER NATURPUR-SAFARI:

.................................................................


RINDSCHLEIDEN
START



# 18 RANDSCHELTER MEDITATIOUNSPAD

Grousse Parking hannert der Kierch
Maison 2, 8831 Rindschleiden

522, 525, 530 Arrêt: Grevels Ieweschten Eck (méi Info: mobiliteit.lu)
Trëppel iwwert de Feld-/Vëloswee op Randschelt erof.

Distanz: 1,5 km, 31 m erop

Schwieregkeetsgrad

mat gudde Rieder

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/randschelt



ëmmer dësem Randschelter Pad Zeechen nogoen

dat klengsten Duerf vu Lëtzebuerg, wonnerschéi Kierch (1), Musée Thillenvogtei* (2), schéi Vue (3) - * just fir Gruppen op

# WËLLKOMM ZU RANDSCHELT!

Haut bass du am klengsten  vu 

ënnerwee. Fréier (1791) hunn 28  hei gewunnt.

Et gouf esouguer eng  zu Randschelt, do wou

haut de Restaurant ass. Vergiess net de Plaffong vun

der  kucken ze goen. Do hues du vill ze .

Fir d'éischt erliewe mir awer lo mol de Meditatiounspad!

Vill Freed an huel Dir genuch Zäit dofir!

Denk drun, d'Versteck ass 

doweinst lee

w.e.g den Hiweis rëm zréck, nodeems du d'Element ofge-

moolt hues. Dëst ass **ganz-ganz-ganz-ganz** 


soss  déi, déi no dir kommen. Merci villmools fir

deng Hëllef! Du bass immens! 

# VERSTECKER



1

An der Entrée vum Bësch luussen ech op dech.



2

Hannert der Bänk hunn ech meng Rou fonnt!



3

Ee Bam mat villen Äerm an engem Lach.



4

Am Park hannert dëser Bänk waarden ech op dech.

1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER RANDSCHELTER-SAFARI:

.............................................



VICHTEN (CR306)
START
BISSEN (CR306)



# 19 VIICHTEN

Parking „Geich Bëschkierfecht“ um CR306 tëschent Viichten a Biissen

-

Distanz: 3,6 km, 34 m erop


Schwieregkeetsgrad

jo, bei drëschene Konditiounen a gudde Rieder

Kaart & Erklärungen zum Wee: klima.lu/safari/viichten

vill ugeluechte Weiere mat Fräschen (1), Bëschkierfecht (2)

# WËLLKOMM ZU VIICHTEN!

Haut si mir an der Ëmgéigend vu Viichten ënnerwee, bekannt fir säi  aus der Réimerzäit. Eng Kopie kanns du uschléissend nieft der  vu Viichten (am Duerf selwer, net um Wee), ukucken. Mat bëssi Chance leefs du ënnerwee engem  iwwert de Wee, dee sech am Joerdausend verrannt huet. Wëll hie just Latäin versteet, so einfach **Salve amicus**, da léisst en dech weidergoen. Wéi ëmmer ass d'Versteck 

dowéinst verstopp den Hiweis w.e.g. rëm **genau op déi selwecht Plaz** zréck, nodeems du d'Element ofgemoolt hues. Dëst ass **ganz-ganz-ganz-ganz-ganz** 

. Merci fir däi Matmaachen a carpe diem!

# VERSTECKER



1

Sich no engem Bam mat engem bloen Au-topedester-Pfeil!



2

Ënnert der Bréck fillen ech mech sécher!



3

Sich hannert engem Bam mat engem „V“.



4

Et gefält mir gutt am Schied vun der décker Eech!

1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER VIICHTER SAFARI:

.................................................

OPGEPASST:
Ee Stéck vun dëser flotter Safari kéint nom Reen liicht rutscheg sinn, dowéinst deem-entspriechend w.e.g déi passend rutschfest Schong undoen.





# 20 NOJEM

Parking vum Centre Culturel Nagem
18, rue principale 8544 Nagem

592 Arrêt: Nagem Centre Culturel
(méi Info: mobiliteit.lu)

Distanz: 3,5 km, 83 m erop

Schwieregkeetsgrad


nee

Kaart & Erklärungen zum Wee:
klima.lu/safari/nojem

einsam Weeër, schéin Aussiichtpunkten (1)

# WËLLKOMM ZU NOJEM!

Haut gëtt richteg eppes gebueden: schéi 

einsam  a vill wëll  !


Vergiess net fest  unzedoen an da 

.

Ënnerwee ginn et flott  Plazen, déi op dech waarden!

Denk drun, d'Versteck ass 

dowéinst lee w.e.g den Hiweis rëm zréck, nodeems du d'Element ofgemoolt hues. Dëst ass **ganz-ganz-ganz-ganz** 

soss  déi, déi no dir kommen. Merci villmools fir deng Hëllef! Du bass genial!

# VERSTECKER



1

Sich no engem Wuerzel-wirrwarr!



2

Am Bësch, ier et de Bierg eropgeet, kuck no engem grousse Bam mat grénge Strëmp op denger lénker Säit!



3

Bei dësem schéinen Aussiichtspunkt waart een Hiweis op dech!



4

Ee Bam wéi een Tëntefësch!

1

2

MOL D'HIWEISER HEI HIN.

3

4

DÉIER VUN DER NOJEMER SAFARI:

..........................................................

# ERKLÄRUNGEN ZU DE SYMBOLER OP DE PLACKEN



Ultraschall



400 x

Verstäerkte Gerochssënn par Rapport zum Mënsch




Aen oder Oueren kënne sech bal ganz ronderëm dréinen



80 cm

Gréisst

Vegetarier

max 2 m

max. Héicht
beim Sprangen

80

max. Vitesse
beim Lafen

bis 5 m

max. Distanz
beim Sprangen

Insektefriesser

Fleeschfriesser

bis
30 kg

Gewiicht

nuechtaktiv
dämmerungsaktiv

# FRUPSEN AN DRÉNKEN

## BECKERICH

- Restaurant An der Millen — 103, Huewelerstrooss
- Café beim Zapert — 25, Huewelerstrooss
- Beim Bäcker Jos — 37, Huewelerstrooss
- Café beim Schluppert — 25, Dikrecherstrooss

## BIGONVILLE

- Restaurant La Galerie — 23, rue Principale

## COLPACH-HAUT

- Café du Château — 29, Mayricherstrooss

## ELL

- Restaurant Cuisine Royale — 4, Réidenerstrooss
- Café des Sports — 38, Haaptstrooss

## FOLSCHETTE

- Brasserie Pizzeria Duerfkrou — 3, rue de la Chapelle
- Café Beckerich-Nittel — 34, rue Principale

## GROSBOUS

- Restaurant Beim Abruzzebier — 21, rue d’Arlon
- New Papa & Citu — 2, rue de Mersch

## KOETSCHETTE

- Restaurant/Café Napoleonsgaart — 13, rue des Alliés

# MERTZIG

- Restaurant Asiatique M. Bao — 26, rue Principale
- Restaurant Marso — 27, rue Principale
- Bäckerei Burelbaach Nico — 25, rue Principale
- Epicerie — 14, rue de Michelbouch
- Bäckerei Jos & Jean-Marie — 4, ZI Mertzig
- Café A Tasquinha — 29, rue de Michelbouch

# OBERPALLEN

- Pall Center — 2, Arelerstrooss

# PERLÉ

- Niz Art Piazza — 13, rue de l'Église

# PRÉIZERDAUL

- Boulangerie / Epicerie Jos & Jean-Marie — 70, rue Principale
- Le Mazzo — 96, rue Principale
- Restaurant Chinois New Hong Kong, — 101, rue Principale
- Restaurant-Auberge Roudbaach — 50 Roudbaach / Platen

# RAMBROUCH

- Boulangerie / Epicerie Jos & Jean-Marie — 13, rue Principale
- Café Fox — 13, rue Principale
- Restaurant Le Neuf — 14A, rue Principale
- Sevin Kebap & Pizza — 23, rue Principale

# REDANGE

- Brasserie Barnum — 61a, Grand-Rue
- Café Restaurant The New Relais Postal — 64, Grand-Rue
- Epicerie Réidener Spënnchen — 59, Grand-Rue
- Kebab King Redange — 58, Grand-Rue
- Kebab Bodrum — 4, Grand-Rue
- Snack Réidener Schwemm — 28, rue de la Piscine
- Supermarché Cactus — 37, rue de la Piscine

# REICHLANGE

- Restaurant-Pizzeria Piperis — 1, rue de Bettborn

# RINDSCHLEIDEN

- Klengen „Ranschelter Bistrot“ MiRo — Rindschleiden

# ROMBACH-MARTELANGE

- Bar-Restaurant Le Mouton Noir — 5, rte d’Arlon
- Brasserie D.P.S. — 7, rue des Tielleuls
- Café Op der Trap — 1, rue des Tilleuls
- Delhaize — 4, route de Bigonville
- Restaurant-Pizzeria Il Diablo — 14, route de Bigonville
- Restaurant Le Schiste — 2, rte d’Arlon
- Restaurant L’Ôdas — Rue de la Sapinière

# SAEUL

- Beim Bäcker Jos — 14, Haaptstross
- Café Säller Stuff — 1, rue d’Arlon
- LëtzeBurger — 2, route d’Arlon
- Restaurant Maison Rouge — 10, Rue Principale

# SCHWEBACH

- Restaurant Schweebecherbréck — 1, Schweebecherbréck

# USELDANGE

- Brasserie-Restaurant Péitche Lauer — 4, am Tremel
- Café Am Tremel — 7, am Tremel
- Epicerie Jils Treff — 1, rue de Boevange
- Epicerie Pall Center — 4, rue d’Everlange
- Pizzeria Da Michaelo — 12, rue de Boevange
- Restaurant Um Wier — 11, rue d’Everlange

# VICHTEN

- Bar & Grill-Restaurant — 67, rue Principale

# IMPRESSUM

Eng Produktioun vum Syndikat Kanton Réiden

## KONTAKT

Mobilitéitsatelier Kanton Réiden
11, Grand-Rue
L-8510 Réiden
www.klima.lu
caroline.schmit@kanton-reiden.lu
Tel. 283340-40

## KAARTEGRONDLAG:

Administration du Cadastre et de la Topographie (ACT)
Imprimé sur papier recyclé

2. Editioun (August 2021)

E besonnesche Merci geet un den Här Dr. Schley vun der ANF (Administration de la nature et des forêts) dee gréng Luucht ginn huet fir d'Déierkaarten iwwert d'Mamendéieren benotzen ze dierfen.

E Merci och un all d'Privatbëschbesetzer, déi eis erlaabt hunn, datt mir duerch hier Bëscher trëppelen dierfen.


VISITATERTWARK
anf administration nature forêts
NATURA 2000
KANTON RÉIDEN

# OPLÉISUNG !!!

Dro hei min. 15 vun 20 Déierennimm an, déi's du op denge Safarie fonnt hues. Setz déi richteg Nummer vum Tour bei dat wëllt Déier derbäi a schéck duerno dës Säit mat dengem Numm, Virnumm an Adress op folgend Adress:
**TouristInfo Atert-Wark 1, Millenhaff L-8706 Useldeng**
Du kriss dann de Safari Survivor Diplom heemgeschéckt.

Virnumm & Numm: ......................................................

Meng Adress: ..........................................................

| | N°SAFARI | | N°SAFARI |
|---|---|---|---|
| FELDMAUS  | | HUES  | |
| WËLLKAZ  | | DUESS  | |
| KÉISÉCKER  | | RÉI  | |
| BIBER  | | FUUSS  | |
| WOLLEF  | | WËLLKANÉNGCHEN  | |
| HIRSCH  | | ZWERGFLIEDERMAUS  | |
| MAULEF  | | SIWESCHLÉIFER  | |
| MAUSWISEL  | | STEEMARDER  | |
| KAWEECHELCHEN  | | HAUSSPËTZMAUS  | |
| GROUSS HUFEISENNUES  | | WËLLSCHWÄIN  | |